



Menschen allein und isoliert in einem Krankenhausbett sterben müssen. Alles daran zu setzen, dass möglichst viele dieser unnötigen, einsamen Tode vermieden werden - was könnte ‚weihnachtlicher‘ sein? Was passt besser zum ‚Fest der Liebe‘ als gelebte Nächstenliebe in dieser Form?“

An am nämmlechten Artikel gëtt gesot: „Considéiert lech alleguerten als asymptomatesch Covid-19-Positiver, alleguerten!“ An dann iwwerleet Der lech, ob mer wierklech dann elo mussen zesummen iessen oder ob mer eis einfach esou gesi mat Distanz a mat Mask an dann dës kéier eeben net zesummen iessen, mee dofir awer vläicht, wann d’Vaccinen elo do sinn, dann endlech zesumme kënnen iessen, wa mer nees fräi si vun dësem Virus, a mer nach laang schéi Momenter kënnen matenee verbréngen, am plaz elo ee Chrëschttag an dann herno ... Mir menge jo ëmmer, et kéint ons net treffen, mee ech kann lech soen: Et ka jiddwer Een-zelne vun ons treffen!

Villmools merci.

■ **Une voix.** - Ganz gutt!

■ **Une autre voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci der Familjeministesch, der Madamm Corinne Cahen. Dëse Punkt ass domat ofgeschloss.

3. 7666 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2021 [...]

7667 - Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2020-2024 (suite)

Mir héieren de Moien den Exposé vum Här Finanzminister Pierre Gramegna iwwert de Staatsbudget 2021 an iwwert d’Programmation financière pluriannuelle. Här Finanzminister Pierre Gramegna, Dir hutt d’Wuert.

Exposé

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Här President, léif Regierungskolleegen, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierter, wéi ech den Depot vum Budget de 14. Oktober gemaach hunn op dëser Stell, hunn ech gesot, dass et en aussergewöhnleche Budget wär fir aussergewöhnleche Zäiten.

Dat huet sech an deene leschte Wochen och net geännert. Et huet sech net geännert, well an deene leschten zwee Méint och nach immens vill geschitt ass. An haaptsächlech ass geschitt, dass Ufank November och zu Lëtzebuerg déi zweet Well vu Contagionne ganz present ginn ass, wéi se schonn a verschidden aner Länner dann och komm war, wat natierlech vill Konsequenzen huet um sanitäre Plang, awer och op deem vun de Restriktionen, déi hu misse gemaach gi fir d’Ekonomie. Dat huet och mat sech bruecht, dass mer relativ séier hu misse Mesuren huelen, déi en Impakt op de Budget hunn, an dass mer dofir, wat zu Lëtzebuerg relativ selten ass, eng ganz Rëtsch Amendementer hu misse maachen um Budget. Mir hunn dat och gemaach, well mer wollten esou transparent wéi méiglech sinn. An ech wäert haut och op déi Mesuren agoen, well ech déi jo och am Oktober guer net konnt presentéieren, well se jo nach guer net virgesi waren.

Dat Zweet, wat geschitt ass an där kuerzer Zäit, dat ass, dass een elo sécher ass, dass den Impfstoff, dass d’Vaccinen elo relativ séier wäerten disponibel ginn. Wéi ech de Budget deposéiert hunn, war dat nach net de Fall. Du gouf et nach ganz vill Dokter, Spezialisten, déi gesot hunn: „Also bis mer Vaccine ginn, dat geet wäit an d’Joer 2021 eran.“ Et muss ee sech bewusst sinn, wéi séier hei d’Saachen änneren, a wéi séier ee sech natierlech da muss och upassen als Regierung, als Eenzelnen, als Bierger, als Aarbechter, als Salarié an als Entreprise, wéi séier ee sech och muss am Gesondheitswesen upassen. Et ass also eng Period, wou et schwéier ass, Schätzungen ze maachen, Previsiounen ze maachen, se si manner laang gültig. An déi Situatioun, an där mir zu Lëtzebuerg sinn, déi ass ganz änlech wéi déi, déi zum Beispill eis Nopeschlänner hunn. Déi Incertitude an der Previsioun hu si gradesou wéi mir. Wat also ganz wichteg ass an dësen Zäiten, ass, dee richtegen Timing ze fannen, an dat ass och fir d’Staatsfinanzen net einfach.

Déi zweet Saach, déi ech wollt ënnersträichen, déi geschitt ass mam Coronavirus, dat ass, dass de Coronavirus mam Fanger op eppes gewisen huet, dat scho laang do ass, mee en huet do eng Roll gespillt, déi ganz grouss ass, an dat ass de Klimawandel. Et kann ee soen, dass de Coronavirus, dës Pandemie e Reactif an e Catalyseur ass vum Klimawandel. En Agent réactif an der Chimie ass een, dee weist, wat am Reagenzglas ass. De Reactif changéiert guer, guer näischt, e weist just: Et ass eppes do. An de Coronavirus, an ech wäert dat elo erklären, deen huet eis gewisen, dass d’Aktivitéit vum Mënsch, d’wirtschaftlech Aktivitéite vun eis alleguerten e risegen Impakt hunn op de Klima. En huet en fait bewisen, dass d’Klimaskeptiker falsch louchen. En huet dat gewise mat enger „expérience

grandeur nature“ vum ganze Planéit, wéi déi meescht Länner hu missen zoumaachen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Reactif! An dann ass et e Katalysator, well mer natierlech all elo wëssen, dass et héich Zäit ass an dass et keen Zweifel méi ka ginn. Majo, dann ass et e Katalysator, fir dass mer solle méi séier an deem Domän weiderkommen a Mesuren huelen.

De Rapporteur huet dat ganz gutt virbruecht. An en huet dat mat ville Propositionen och verbonnen. En huet natierlech méi nach wéi aner Joren e ganz wäit Feld opgemaach, well en op ganz vill Domänen agaangen ass, wat Verschiedener iwwerrascht huet. Mee wann ee gutt iwwerleet, ass et ganz normal, dass en dat gemaach huet, well d’Pandemie hat en Impakt op alles dat, wat mer maachen an eise private Liewen, an eise Berufsliewen, an eise Familien tëschent de Generatiounen. Alles dat huet de Virus gemaach, a mir hu missen als Regierung an Dir als Parlament immens vill agéieren, nei Mesuren huelen, heiansdo Measure op Measure, fir sech deem unzepassen.

An dat huet de Rapporteur mat senge ville Propositionen jo och esou duergestallt. Dofir him e grouse Merci, net nëmmen, well et vill Aarbecht ass an eng voluminéis Dokumentatioun, mee och, well et natierlech Gedankenüstéiss gëtt. A sengem Pabeier sinn Ziler, déi ganz kloer bestëmmt sinn, déi mer natierlech, mengen ech, alleguerten deelen, partei-iwwergräifend, an et gëtt natierlech vill Méiglechkeeten, fir op déi Ziler zouzesteieren. Verschidder vun deene Pisten, vun deenen Ofzweigungen, vun deene Weeër huet hie gemooft, verschidder vun deene fënnt ee schonn an deem heite Budget erëm.

Wat mer also musse fäerdegbréngen, dat ass, dass mer fit fir de Klima ginn, als Gesellschaft, als Land. Dofir fannen ech och seng Propositionen, déi e gëschter gemaach huet - eng vu villen -, dass ee soll e Programm hunn oder eng Hëllef, fir d’Entreprise fit fir de Klima ze maachen, eng exzellent Iddi.

De Rapporteur, d’Regierung hunn net missen op de Coronavirus waarden, fir sech bewusst ze sinn, wéi wichteg de Klima ass. Mir maache säit Joren eng Politik, déi deem Rechnung dréit. Ech gräife vläicht just dräi Beispiller aus an der Introduktioun, déi ech wëll ënnersträichen: CO₂-Steier. Ech kann lech soen, mir hunn d’lescht Joer laang doriwwer geschwat, déi steet am Plan national intégré en matière d’énergie et de climat vun eise Land. A mir hunn an dësem Joer keng Sekonn dru gezweifelt, dass mer déi CO₂-Steier géifen ëmsetzen. Verschidder hu jo nach gesot: „Elo well d’Pandemie ass, solle mer déi net maachen!“, mee wéi ech grad erkläert hunn: D’Pandemie weist eis, wéi urgent et ass, déi CO₂-Steier ze maachen. An dofir maache mer se och.

Mir hu jo och net op de Coronavirus gewaart, fir de fräien ëffentlechen Transport ze maachen. Deen ass just am Ufank vun der Kris komm, huet dofir e bësse manner Attentioun kritt, well mer do vill aner Suergen haten. Mee dat ass och eng super Measure, fir de Klima ze schützen.

Ech kéint nach vill Beispiller opzielen. Ech zielen awer nach eent. Mir wäerten, d’Carole Dieschbourg an ech, an den nächste Wochen, am Ufank vum nächste Joer, eis Strategie fir soutenable Finanzen annouciéieren: d’Luxembourg Sustainable Finance Initiative. An och déi ass weesentlech, fir fäerdegbréngen, dass mer iwwert d’Finanzwelt fäerdegbréngen, de Klimawandel ze limitéieren.

Ech kommen dann elo no dëser klenger Introduktioun, déi menger Meenung no awer immens wichteg ass, fir dat Ganzt an e Kontext ze setzen, op meng Presentatioun, déi an dräi Deeler ass.

Den éischten Deel ass consacréiert follgendem: Wat ass dann elo vu rezenten Niegekeiten um internationalen an um nationale Plang ervirzeestrichen, wat an deene leschten zwee Méint geschitt ass a wat en Impakt um Budget huet?

Zweetens wäert ech op déi vill Avisen agoen, déi vun all deenen Institutionen presentéiert gi sinn, déi zur Procédure législative bäidroen.

An dann drëttens wäert ech natierlech d’Zuelen nach eng kéier beschreiwen, déi natierlech e bësse changéiert hunn, well mer jo Amendementen zum Budget wëlle maachen.

An dann als leschten a véierte Punkt géif ech gare Lëtzebuerg am internationale Verglach kucken a wéi mir mat der Kris, mat der Finanzkris - plutôt an der ekonomescher Kris - eens gi par rapport zu anere Länner.

Fir d’éischt also elo emol: Wat ass Neies geschitt um internationalen, um nationale Plang?

Lëtzebuerg konnt och net enger zweeter Well entgoen an huet natierlech missen dofir och restriktiv Mesuren huelen, déi Enn November hei an der Chamber och gestëmmt gi sinn an déi gëschter verlängert gi sinn. Dat treëft natierlech verschidde Secteure ganz haart an dofir musse jo och Mesurë ge-

holl ginn. Op déi kommen ech herno ze schwätzen. Mee déi Pandemie, déi sech natierlech an d’Längt zitt, bréngt éischstens emol vill Doudeger mat sech, vill Trauer natierlech op där enger Säit, mee schléit och deenen, déi gesond sinn a weider à peu près normal liewen, immens op d’Gemitt. Däers muss ee sech bewusst sinn an dee psychologesche Facteur ass natierlech eppes Negatives, wat ee muss mat a Betruecht zéien.

Mee wat ech awer och wëll soen, dat ass - an dat ass eng vun den zwou schlechten Noriichten, op déi ech wëll insistéieren, wat d’Wirtschaft ubelaangt -, dass duerch déi Pandemie, déi sech iwwer Méint elo nach weider zitt, natierlech d’Wirtschaft europawäit an och zu Lëtzebuerg ofgebremst gëtt. Mir hunn, an ech kommen herno op déi gutt Noriichten ze schwätzen, am drëtte Quartal gutt Zuele gehat, mee am véierte Quartal wäerte se net gutt sinn an dat wäert och nach iwwerschwenken an d’éischt Trimester vun 2021.

Déi zweet schlecht Noriicht - déi ass net nei, mee déi culminéiert elo -, dat ass de Brexit. Ech kann lech de leschte Stand vun den Negociatiounen net soen, well déi sinn nach ëmmer amgaangen. All zweeten Dag kritt een d’Noriicht, dass et eriwwer ass, dass keen Accord ka fonnt ginn, an da kënnst erëm e klenge Lichtschimmer. Mee egal, wéi et ausgeet, ass et eng schlecht Saach fir Europa an eng ganz schlecht Saach fir d’Vereenegt Kinnekräich.

Mee et däerf een déi ganz Situatioun och net ze vill dramatiséieren, well déi meescht wirtschaftlech Acteure sech jo virbereet hunn a sech opgestallt hunn, andeem se an der Europäescher Unioen um Kontinent Filialen, Succursallen oder Gesellschaften opgemaach hunn, fir kënnen vum Marché unique ze profitéieren. Lëtzebuerg ass ee vun deene Beneficiären dovunner. Mir hunn iwwer 60 Acteuren, déi eist Landerausgewielt hunn a wou mer dann eng Léisung zum Problem sinn. Mee wéi mer dann an Zukunft wäerte mat London, City of London, als Finanzplaz schaffen, wäert méi komplizéiert ginn. Do gëtt et Mechanisme wéi dee vun der Equivalenz, déi guer net elo zur Diskussioun stinn, leider, an der Negociatioun tëschent der Europäescher Kommission a London, mee déi awer hoffentlech wäerte méi intensiv gebraucht ginn.

Da kommen ech zu véier positiven Entwécklungen, déi sech an de leschten zwee Méint erginn hunn.

Zum Éischte vläicht Zuelen, déi de Statecerausbruecht huet am Dezember, déi dann och e Réckbléck erlaben op déi néng éischt Méint a wou een da feststellt, dass d’Rezessioun, de Réckgang vum PIB méi kleng war wéi geduecht. De Statec gesäit, dass fir dëst Joer de Réckgang soll bei minus 3,5 leien am plaz minus 6. D’Europäesch Kommission huet änlech Zuele fir Lëtzebuerg an och e bësse besser Zuele fir d’Eurozon.

Dat Zweet, ech hat et kuerz ugeschwat, sinn natierlech d’Covidimpfungen, déi elo relativ séier wäerten disponibel ginn. Dat ass natierlech e Facteur, dee vill Hoffnung bréngt. Ech ginn net an den Detail an, de Premierminister an d’Gesondheitsministesch hu laang in extenso driwwer bericht. Lëtzebuerg huet sech immens agesat um europäesche Plang, fir dass dat soll eenheetlech an der EU gemaach ginn, wat plus ou moins och geléngt. Mir hunn och ganz vill Impfstoffer geséichert, soudass zu Lëtzebuerg jiddweree ka vaccinéiert ginn. An déi gutt Noriicht, déi och elo bekannt ass, ass, dass net nëmme jiddweree wäert kënnen relativ séier geimpft ginn, mee dass et och wäert gratis sinn.

Dat drëtt Element, dat ganz positiv ass, ass en fait d’Äntwert vun Europa op dës Kris. Do war e bëssen Op-an-of, e puer Saachen, déi schifgaange si ganz am Ufank vun der Pandemie, haaptsächlech och, wat d’Grenzen ubelaangt, wou Lëtzebuerg natierlech ganz sensibel drop ass mat alle Frontalieren a well mer am Häerz vun Europa sinn. Dat huet sech och an der zweeter Well verbessert, mee de grouse Changement ass doduerch komm, dass Europa sech bewusst ginn ass, dass een an esou enger Kris muss solidaresch matenee sinn. A vill hate gezweifelt, dass Europa dat kéint. Wien hätt da geduecht, dass Europa géif fäerdegbréngen, eng Solidaritéit op d’Been ze setzen, wou Europa am Numm vun den EU-Staate géif léine goen? Wien hätt da geduecht, dass mer géifen esou vill Geld kënnen mobiliséieren?

Ech rappéléieren, dass mer am Abrëll um Niveau vun de Finanzministere scho 540 Milliarde mobiliséiert hu fir dräi Programmer - ech ginn net an d’Detailer -, dräi Programmer am Wäert vu 540 Milliarden. A mir haten do schonn de Fonds de relance et de solidarité als Prinzip festgehalen, an d’Staatsan d’Regierungschefen hunn dat am Juli vun dësem Joer confirméiert. De Fonds de relance et de solidarité, do si 750 Milliarden dran, dovunner 390 Donen an de Rescht si Préten. An da kënnst nach derbäi den New-Generation-EU-Budget (veuillez lire: den neien EU-Budget) vun 1.074 Milliarde fir déi nächst siwe Joer. Zum Fonds de relance waren an de leschte Wochen nach Suergen, dass dee vläicht net kéint zurzäit lassgoen am Ufank vum nächste

Joer weinst de Blocagé vun zwee Länner, Polen an Ungarn, an och do ass en Duerchbroch d’lescht Woch gelongen um Niveau vun de Staatschefen. Och dat ass eng ganz gutt Noriicht a beweist erëm eng kéier Gott sei Dank, dass Europa a Krisenzäite Léisunge fënnt.

En Deel vun der Léisung - dat ass déi véiert gutt Noriicht - ass d’Wal vun engem neie President an Amerika. Et kann een dat elo esou affirmativ soen, well ech mengen, dass et de 14. Dezember, also leschte Méinden ass, wou d’grouss Electeure jo den Joe Biden gewielt hunn. Et muss een ëmmer soen, dass een d’Resultat vu Walen an engem anere Land respektéiert, an dat maachen ech och hei, andeem ech dat respektéieren an elo hei keng politesch Ausso maachen iwwert den Här Biden. Mir hunn als Lëtzebuerg mat deem President ze liewen, dee gewielt gëtt, op jidde Fall, dass ech hei net méssverstane ginn, mee et sinn awer zwou Saachen, déi den Här Biden annouciéiert huet, elo schonn an de leschte Wochen an a senger Campagne, déi eis fir Lëtzebuerg awer freedeg stëmmen.

Dat Éischt ass, dass en un de Multilateralismus gleeft, dass en also dru gleeft, dass et gutt ass fir Amerika, gutt fir d’Welt, fir de Planéit, dass verschidde Problemer zesumme musse geléist ginn an net jiddwereen a sengem Eck bleift. An en particulier huet en dat natierlech och gesot fir de Klimaschutz, well e jo och ganz kloer annouciéiert huet, an e wäert dat elo ganz séier maachen, dass d’Vereenegt Staaten erëm wäerten an den Accord de Paris antrieden. Den John Kerry, deen ech op der Kyoto-Konferenz 1997 scho kenne geléiert hat fir d’éischte kéier, ass och chargéiert ginn, fir déi Politik vum Här Biden ëmsetzen, a wann een d’Intelligenz an den Dynamismus vum Här Kerry kennt, da kann ee sech nëmmen doriwwer freeën.

All déi Elementer, déi ech elo gesot hunn, déi véier positiv Elementer, stëmmen een natierlech e bësse méi optimisteschesch, wéi mer et nach vläicht am Oktober waren, haaptsächlech och den Impfstoff, an dofir gesäit een, mengen ech, elo besser d’Licht um Enn vun Tunnel. Mee elo musse mer nach duerch den Tunnel kommen, a wéi laang deen Tunnel och ass, weess jo och kee ganz genau. Mee dofir musse mer jo och eng Rëtsch Mesuren huelen, déi mer annouciéiert hunn an déi zum Deel gestëmmt sinn. Anerer wäerten nach dës Woch hei an der Chamber gestëmmt ginn an dat sinn eeben déi nei Covidmesuren, déi Amendementer um Budget, vun deenen ech virdu kuerz geschwat hat. Ech géif der gären zéng erauspicken, déi allerwichtigst, well mer se jo och nach net hei wierklech in extenso diskutéiert haten.

Éier ech dat maachen, géif ech gären ënnersträichen, dass Lëtzebuerg bei all dëse Mesuren, ob dat Gesondheitsmesurë sinn oder Mesurë vu Soutien fir d’Wirtschaft, ëmmer en fait zwou Saache gemaach huet:

Éischstens, ze kucken: Wat sinn d’Spezifisitéite vu Lëtzebuerg? Wéi kënnen mer dat am effikassten an eise Land maachen?

An als Zweet de Prinzip, eng gewëssen Humilitééit, dass et hei kee fäerdegte Muster gëtt, wéi ee par rapport zu esou enger Kris reagéiert, a mir hunn och ëmmer versicht ze kucken, wat an deenen anere Länner geschitt.

Mir waren heiansdo Pionéier. Ech kann lech soen, de Large-Scale-Testing, deen hu mer schonn am Conseil de Gouvernement am Mee diskutéiert - am Mee! -, do huet nach iwwerhaapt kee Land doriwwer geschwat. Ech muss lech och soen, déi éischte kéier, wou se mer gesot hunn, wivill déi éischt Phas géif kaschten, du war et och gutt, dass ech souz, mee ech hunn direkt gesot: „Jo, wann d’Wissenschaft seet, dass dat dat Beschit ass, wat mer kënnen maachen, fir den Traçage ze maachen, dass dat eis hëllef, fir besser aus der Pandemie erauszekommen, da solle mer et maachen.“ Ech muss lech soen, ech sinn net vill wëssenschaftlech Bicher selwer liese gaangen, fir déi Decisioun ze huelen. Wann et ëm d’Gesondheet geet vum Land a vun de Leit, da muss een do soen: „Da maache mer dat!“ Dir liest warscheinlech, dass elo a ville Länner de Large-Scale-Testing praktizéiert gëtt, elo, säit engem Mount, säit sechs Wochen. Mir hunn do vill Avance, mee ech soen, mir sollen och ganz bescheide bleiwen, well den Arbitrage tëschent all deene Mesuren ze maachen, ass schwéier.

Mir hunn och missen Enn November - an Dir hutt dat hei gestëmmt an der Chamber - erëm Restriktionen maache fir verschidde Secteuren. Fir déi ass dat natierlech ganz schwéier, dofir och déi Mesuren. Mir hunn awer versicht, d’Liewen esou normal wéi méiglech ze halen, d’Schoulen op ze halen, wat ganz wichteg ass, fir dass eis Kanner näischt verléieren an der Formatioun, fir dass se och sozial Kontakter hunn. Bref, mir hu versicht, dass d’Liewe kéint esou wäit wéi méiglech bei der Normalitéit bleiwen. All deenen, déi dozou contribuéieren, géif ech gär hei Merci soen an en extra grouse Merci natierlech dem Gesondheits- an dem Fleegepersonal, dat jo elo säit néng, zéng Méint voll am Asaz ass a keng Paus kritt.



■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Déi zéng Moosssname sinn also als Amendement hei elo an dësen neie Budget integréiert ginn. Déi éischt ass eng Verlängerung vum Fonds de relance. Dat ass am Kader vun der Initiativ „Neistart Lëtzebuerg“ gemaach ginn. Dass mer dat maachen, gëtt natierlech vun den Entreprises an un éischter Stell och vun der Chambre de Commerce begréisst.

Et ass elo esou, dass mer zwee Schemaen hunn, fir déi Entreprises ze ënnerstëtzen, déi mussen zoumaachen: Horeca, Kultur, Evenementiel, och Formation. An zwar ass dat och méiglech, well Europa do gréng Luucht ginn huet. Dat Éischt ass eng Subvention en capital fir déi Entreprises, déi an der Period vum 1. November 2020 bis Mäerz 2021. An dës Aide gëtt op d'Zuel vun de Salariéen an Independantë gerechent. Et ass also en anere Mechanismus, an dës Aide kann och e bësse méi breet gestreet ginn a beneficiéiert niicht dem Tourismus, dem Evenementiel, der Kultur an dem Divertissement och dem Commerce de détail an de Gestionnaire vum der Berufsausbildung. Dofir sinn dann 180 Milliounen virgesinn an déi kommen an de Fonds de relance. Dat geschitt doduerch, dass mer 30 Milliounen fir d'nächst Joer virgesinn, an der Rescht ass d'Dotatioun, déi schonn dëst Joer virgesi war.

An dann hu mer eng zweet Measure fir déi Leit oder déi Entreprises, déi eng Perte vum Chiffre d'affaires hu vu 25 % oder méi, an dës Measure leeft vum Dezember 2020 bis Mäerz 2021. An dës Aide gëtt op d'Zuel vun de Salariéen an Independantë gerechent. Et ass also en anere Mechanismus, an dës Aide kann och e bësse méi breet gestreet ginn a beneficiéiert niicht dem Tourismus, dem Evenementiel, der Kultur an dem Divertissement och dem Commerce de détail an de Gestionnaire vum der Berufsausbildung. Dofir sinn dann 180 Milliounen virgesinn an déi kommen an de Fonds de relance. Dat geschitt doduerch, dass mer 30 Milliounen fir d'nächst Joer virgesinn, an der Rescht ass d'Dotatioun, déi schonn dëst Joer virgesi war.

Déi zweet Measure ass eng Verlängerung vun de Régime-d'aiden. Vlächent kënn Der lech erënneren, dass mer am Laf vum éischte Semester speziell Investissementsmechanisme virgesinn hunn, an déi ginn och verlängert bis 2021 an de Juni. Dat ass de Régime d'aides fir d'Bekämpfung vum Virus bei verschiddenen Investissementsprojeten an dat sinn Investissementer, déi gemaach ginn, fir der Kris entgéintzewierken. Fir déi zwee Mechanisme si respektiv 20 an 30 Milliounen Euro virgesinn.

Dann hu mer de Régime de garantie, dat ass déi drëtt Measure. Dir kënn lech erënneren: Mir hunn e Garantiesgesetz - Dir hutt e Garantiesgesetz gestëmmt -, dat gaangen ass bis Dezember, Enn des Joers, an dat ass verlängert bis den 30. Juni 2021. Dat heescht, dat couvriert, déi Garantie couvriert elo d'Period vum 18. Mäerz 2020 bis den 30. Juni 2021.

Mir hunn decidéiert - dat ass eng ganz wäertvoll an eng ganz deier Measure - d'Weiderféiere vum Chômage partiel. Dee geet och weider am ganzen éischte Semester. Deen huet erlaabt, vill Aarbechtsplazen ze halen. Enn Abrëll hate mer 13.000 Entreprises mat 150.000 Salariéen am Chômage partiel. Am November, Enn November hate mer elo erëm - déi Zuel ass erëm vill eropgaange weinst de Restriktiounsmoosssnamen - 4.200 Demanden an 30.000 Salariéen am Chômage partiel. Dat ass also par rapport zum Abrëll e gudder Strapp manner, mee dat ass awer, wann een an der Geschicht vum Chômage partiel kuckt, eng extreem héich Zuel. De Statec huet iwwerengerechnet, dass, wa mer dat net gemaach hätten, de Chômage partiel, wéi mer en elo hei kennen zu Lëtzebuerg, de Chômage sech zu Lëtzebuerg verduebelt hätt, wat jo absolut net geschitt ass. En ass just nëmme ganz liicht eropgaangen.

Mir hunn nei Mesurë fir d'Kultur. En fait verlängere mer déi, déi virgesi ware fir d'Artisten an d'Intermittents du spectacle.

Déi sechst ass d'Erhéijung vum Mindestloun. Do kann ech och e bëssen aushuelen. Dat gëtt och dës Woch gestëmmt, mengen ech, oder ass et gestëmmt ginn? Et ass gestëmmt ginn?

■ **Une voix.** - Jo.

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Et ass gestëmmt ginn! An ech mengen, do ass et och wichteg, de Mechanismus nach eng Kéier ze verhalen. All zwee Joer gëtt zu Lëtzebuerg de Mindestloun ajustéiert an dat gëtt gekuckt par rapport zu den zwee Jore virdu, déi ganz ofgelaf sinn. Dat heescht, fir d'Joren 2018 an 2019 an deem heite Fall ass gekuckt ginn, wéi an der Economie d'Léin sech entwéckelt hunn. An do ass dann erauskomm, dass dat géif 2,8 % ausmaachen. An dat ass dann elo gemaach ginn.

Mee et ass jo ganz kloer, dass mer an dëser Phas, wou verschidde Secteure ganz vulnerabel sinn, net einfach konnten déi Erhéijung geschéie loossen, ouni deenen ënnert d'Äerm ze gräifen, dat entweder zou sinn oder ganz schlecht dru sinn. Dofir hu mer decidéiert, eng Aide vu 500 Euro pro Salarié deenen Entreprises, déi vulnerabel sinn, ausbezuelen. Déi 500 Euro, dat ass op sechs Méint gerechent de Coût vun der Augmentatioun vum Min-

destloun. Déi vulnerabel Entreprises hunn ongeféier 40.000 Salariéen, dat entsprécht also dann enger Dépense budgétaire vun ongeféier 20 Milliounen.

Mir hunn, dat ass mäi siwente Punkt, d'Kafe vum Vaccin geséchert. An ech hunn lech virdu gesot, dass dat gratis ass fir d'Leit, mee wann et gratis ass fir d'Leit, ass et net gratis fir de Staat. An dofir muss mer dann déi Vaccine kafen, an de Käschtelpunkt dovunner ass 16,5 Milliounen. Dat ass zum groussen Deel am Budget 2021, en Deel ass och scho budgetiséiert am Budget vun 2020 mat Depassement.

Aachte Punkt: D'Effikassitéit vun de Spideeler an d'Interaktioun vun allen Acteurs gi gestärkt, andeem mer grad de CGDIS stäerken, deen eng logistes Roll spillt, déi do ganz wichteg ass, an deem seng Moyene ginn och em méi wéi eng hallef Millioun Euro d'nächst Joer gestärkt.

Déi néngt Measure ass och eng, déi ganz wichteg ass an och ganz deier ass. Dat ass, dass de Staat e ganzen Deel vun den Depensen, déi d'CNS, d'Caisse nationale de santé, virgestreckt hat, rembourséiert. Den Total dovunner sinn 386 Milliounen an dat couvriert de Congé pour raisons familiales, d'Indemnités pécuniaires de maladie an de Congé pour soutien familial - 386 Milliounen, déi mer a véier Joer zréckbezuelen, 200 Milliounen dëst Joer an dann all déi aner Joren, wat nach iwwer bleibt.

Budgetsméissege spigelt dat sech europäesch anescht ërem an der Comptabilité SEC. Do gëtt dat direkt op d'Joer 2020 gebucht, well et jo schonn engagéiert ass. A fir d'Lëtzeburger Kontabilitéit nom Gesetz vun 1999 ginn elo emol déi 200 Milliounen vun 386 op 2020 gebucht.

An da leschten, zéngte Punkt: d'CO₂-Steier, iwwert déi ech scho kuerz geschwat hat. Do maache mer eng Simplification administrative, fir dass mer eng Duebelbelaaschtung vun den Entreprises verhenneren. An ech mengen, dat ass eng ganz gutt Saach.

Ech kommen dann elo zu den Avisen vum Budget. Ech soen all deenen Institutionen Merci. Ech wäert se net elo all opzielen, mee déi, déi ech och hei wäert heiansdo zitieren: de Conseil d'État, d'Zentralbank, d'Chambre-professionnelles, de Conseil national des finances publiques an nach e puer anerer.

Ech wäert do op véier Sujeten agoen: éischstens d'Provisionen, zweetens d'Investissementer, drëtens d'Steiermesuren a véiertens d'Gesondheet vun de Staatsfinanzen.

Zum éischte Punkt, esou soen de Conseil d'État an och de Conseil national des finances publiques, dass mer eis hätt sollen op méi negativ Zuelen astellen an de Budget och esou opstellen. Bon, ech mengen, déi Institutionen, déi dat geschriwwen hunn, hunn natierlech Argumenter derfir. Mir haten Argumenter an déi aner Richtung. Mir wëssen elo - an ech hat dat virdu gesot -, dass en fait de Recul vum PIB manner war; mee ech huelen dat natierlech zur Kenntnis. Mir wëssen elo, well den FMI (ndlr: Fonds monétaire international) seet eis dat, de Statec seet eis dat, d'OCDE, dass de Produit intérieur brut zu Lëtzebuerg dëst Joer wäert tëschent minus 3 % a minus 4 % sinn.

Déi negativ Zenarioen, wa mer déi och geholl hätten, hätt dat natierlech ganz vill aner Konsequenze gehat, wou mer elo schlecht dru wären, wa mer dat misste réckgängig maachen. Ech wëll och ënnersträichen, dass mir als Regierung, fir de Budget opzestellen, d'Zuele vum Statec huelen. Alljoers hunn ech dat gemaach, well de Statec eng onofhängeg Institution ass, esou, wéi d'europäesch Reegelen dat och exigieren, an ech froe mech wierklech, wann een dat net géif maachen, wéi een et géif maachen. Da géif een heiansdo méi héich leien oder méi niddreg wéi dat, wat de Statec seet, da misst een dat och ëmmer erklären a justificieren an da géife mer och zu Bréssel gréisser Schwierigkeiten hunn.

E kleng Réckbléck ass vlächent net oninteressant. 2018 hat de Statec e Wuesstum vun 2,7 % virgesinn. A wat ass erauskomm? 3,1 % - virsiichteg. 2019 hat de Statec 3 % virgesinn. Wat ass erauskomm? 2,3 %. Do war de Statec optimisteschen a mir mat. 2020, dat Joer, an deem mer sinn, hat de Statec minus 6 % virgesinn. Dat hu mer och dann zréckbehalen. An et kënn eraus sinn 3,5 %. Mir waren also, mengen ech, an der Reegel extreem virsiichteg. An ech wollt dat dofir hei ënnersträichen.

Den zweete Punkt, héich Investissementer, dat ass een, deen net kontrovers ass, well ech mengen, all Institutionen huet dat begréisst. Mir leien och do relativ héich am internationale Verglach. Mir wäerten dëst Joer 3,5 Milliarden investieren. Dat ass 52 % méi wéi 2019 an dat entsprécht 5,9 % vun eisem Räichtum. 2021 wäerte mer nach 2,9 Milliarden investieren. Dat ass eng Hausse vun 18 % par rapport zu 2019. An déi Trajectoire, déi mer do hu fir 2021, déi ass spectaculaire. Domat hu mer en Niveau vu 4,5 % vum PIB, dee mer hei investieren. Wann Der dat mat anere Länner vergläicht: An Däitschland ass déi Zuel 2,8 %, a Frankräich 3,9 %, an der Belsch 2,7 % an d'Moyenne vun der EU 3,4 %

an, ech widderhuelen, zu Lëtzebuerg d'nächst Joer 4,5 %.

Wann ech d'Period huele vun 2015 bis 2019, huet Lëtzebuerg an der Moyenne 3,7 % investiert. Mir leien also mat deenen Zuelen, déi vun 2020 sinn, exceptionnel héich, well d'Subsiden un d'Entreprises do matgezielt ginn, mee fir 2021 mat 4,5 % wierklech ganz héich. A mir mengen, dass dat déi richteg Äntwert ass op dës Kris.

Mir sollen dee Feeler, deen 2008/2009 an Europa gemaach ginn ass, net widderhuelen. Deemools hunn déi international Organisationen an haapt-sächlech och d'Europäesch Zentralbank monéiert, dass een an der Kris 2008/2009 ganz séier erëm sollt d'Discipline budgétaire hunn an d'Finanzen an den Equilibre versichen ze kréien. An dat ass geschitt au détriment vun den Investissementen, sou dass mer souguer 2018 an 2019 festgestallt hunn, dass an deene meeschte Länner den Taux vun den Investissementen manner héich am Prozentsatz war wéi virun der Kris - Lëtzebuerg war eng positiv Ausnam derzou -, an dee Feeler solle mer net nach eng Kéier maachen an dee maache mer och net, an d'international Organisation si sech doran alleguerten eens, ob dat elo d'EU-Kommission ass, d'OCDE, den FMI, de Statec.

D'Christine Lagarde géif ech ganz gärten hei zitieren, well si wierklech, mengen ech, dee Changelement agelaut huet. An ech liesen lech da vir, wat d'Christine Lagarde gesot huet: "Public investment can positively affect economic growth in the current circumstances. In an environment of accommodative monetary policy" - dat ass déi expansionisteschen Politique monétaire, déi d'Zentralbank mécht mat negativen Zinsen a mat Kafe vun Aktivaen an der Héicht vu méi wéi 1.000 Milliarden - "public investments have the strongest short-term demand effects, including in terms of cross-country spillovers."

Dat Drëtt, op dat ech wëll insistieren, sinn d'Steiermesuren. Et ass och net üblech, dass esou vill Steiermesuren am Budgetgesetz sinn. Och dat ass zu engem Deel d'Konsequenz vun der Pandemie, zum anere maache mer et awer och, well mer eis dat am Regierungsprogramm virgeholl haten. Déi Mesurë kënnen ënner véier verschiddenen Intitulé gesi ginn oder Ziler: Solidaritéit, Logement, Nohaltegkeet a Kompetitivitéit.

Fänke mer mat der Solidaritéit un, an zwar mam Regime vun de Fonds d'investissement spécialisés, d'FIS genannt. D'Chambre des Salariés, d'Chambre des Métiers, d'Chambre des Fonctionnaires hunn d'Ofschafe vun dësen Abuse begréisst, an ech muss lech soen, ech si frou, dass mer eng Léisung derzou fonnt hunn. Eng Thematik, déi rekurrent war, ass, ob déi forfaitaire Besteuerung vun den Netimmeublen, déi zu Lëtzebuerg stinn - eng forfaitaire Besteuerung vun 20 % -, ob déi genuch a gerecht wär. D'Chambre des Fonctionnaires huet fonnt, dass dat ze niddreg wär, obwuel gewosst ass, dass, well et forfaitaire ass, ee keng Méiglechkeet huet, Chargen ofzerechnen. D'Chambre de Commerce huet kritiséiert, dass et ze vill dissuasif wär, 20 % wär ze héich. An d'Chambre des Salariés huet unhand vu konkreete Beispiller erausfonnt, dass 20 % ongeféier dat ass, wat e Particulier en moyenne op engem Immeuble bezilt. Mir leien also do an der gellener Mëtt.

Wat de Logement ubelaangt, zweeten Intitulé, kommen ech gärten nach op den Taux d'amortissement accéléré zréck - och do hu mer relativ entgéentgesate Meenungen. D'Chambre des Salariés seet: „Dat geet an déi richteg Richtung.“ D'Chambre des Métiers seet: „Dat do wäert de Logementsproblem net léisen.“ D'Chambre des Fonctionnaires seet: „Déi Measure geet net wäit genuch.“

Kloer ass a mengen Aen als Fazit, dass et op jidde Fall emol eng Measure an déi richteg Richtung ass. Ech mengen, do ka warscheinlech all Mënsch domat d'accord sinn. An ech kann och verstoen, wann ee seet, dat do léist de Problem vum Logement net ganz. Déi Ambitioun huet eng Steiermesur jo och net, mee mir schaffen dru mat menge Regierungs-kollegen, fir d'Logementsproblematik als Ganz ze léisen. A mir wëssen, dass do, wou mer am meeschte mussen maachen, natierlech ass, fir d'Offer vun de Logementen an d'Luucht ze kréien, an do hu mer och vill additionnell Budgetsmoyenen zur Verfügung gestallt, fir dat ze erreechen. A wann den Amortissement accéléré hätt sollen en Instrument sinn, fir d'Offer vu Logementen ze fördern - ça se saurait an da bräichte mer am Fong geholl keng aner Mesuren ze huelen. Et ass eng Measure, déi gutt ugeduecht war, mee där hiren Effet limitéiert war.

Mir hunn eng Measure, déi net vill diskutéiert ginn ass, mee déi a mengen Ae ganz wäertvoll ass. Dat ass alles, wat mer op der TVA maache fir d'Renovatiounen. Do maache mer zwou Saachen: Den Amortissement fir Renovatiounen gëtt op 6 % gehéicht, an do ënnersträicht d'Chambre des Métiers, dass dat en fait aus dräi Grënn e Win-win ass, fir d'éischt emol fir de Locataire, dee manner Energiekäschten huet, fir de Propriétaire - deem säi Logement ass da

méi wäert - an natierlech fir d'Artisanen, déi doduerch méi Opdrägg kréien. Ech kann déi Analysen nëmme deelen.

An dann ass eng zweet Measure, déi awer och ganz wäertvoll ass, dat ass, dass eng TVA super-réduit vun 3 % elo ka gebraucht gi fir Renovations-aarbechte vu Gebaier, déi méi wéi zéng Joer hunn. Haut ass d'Reegel méi wéi zwanzeg Joer. Et wäert een also kënnen méi séier Gebaier renovieren - no zéng Joer schonn -, an ech mengen, dat wäert deenen Aarbechten och e groussen Impuls ginn.

Drëtte Punkt: Nohaltegkeet. D'CO₂-Steier hunn ech schonn een-, zweemol hei evoquéiert. Hei ass de Schwéierpunkt vum Thema gewiescht, wivill déi Measure erabréngt oder kascht, an ech muss lech soen, deen Exercice ass och fir de Finanzminister net einfach gewiescht an do muss een einfach Hypothese maachen. A wann ee muss Hypothese maachen, jo, da gëtt et keng Sécherheet. A wat fir eng Hypothesen hält een da fir d'allgemeng wirtschaftleche Entwécklung? A wat fir eng Hypothesen hält een da fir d'Präisentwicklung vum Bensinn a vum Diesel an den Nopeschlänner? Dat huet net ëmmer mam Pétrolspräis ze dinn, dat huet dermat ze dinn, wa si nei Taxen dropsetzen, da gëtt de Präis anescht.

Dofir mengen ech, dass ee sech kann eenegen, dass dat relativ ongewëss ass. De Calcul vum Statec a vun der Zentralbank ass, dass mer bis 2022, dass dës Measure fir de Budget plutôt négatif ass. Ech mengen, et ass e bësse contre-intuitif, dat muss ee sech jo emol soen, dass een eng Steier aféiert an d'Resultat vun der Steier ass, dass ee manner Suen erakritt, mee well Lëtzebuerg e klengt Land ass a mer vill vum Commerce international ofhänken, ass dat eeben esou.

Eng zweet Saach, déi wichteg ass an déi vu Verschiddenen kommentéiert ginn ass, ënner anerem der Chambre des Salariés, déi gär gehat hätt, dass d'Erhéijung vum Bensinn a vum Diesel vu fénnef Cent weinst der CO₂-Steier natierlech sollt den Index beaflossen. Mir hunn dat jo neutraliséiert, an d'Chambre des Salariés seet, mir hätten dat net sollen neutraliséieren. Mee mir wollten dat dote justement net, well, wa mer dat an den Index eragesat hätten an net neutraliséiert hätten, dann hätt dat jo d'Präisdeierecht gedriwwen an dann hätt een et en fait fir all Mënsch kompenséiert. An dat huet net sennvöll geklongen, elo fir all Mënsch dës Erhéijung ze kompensieren. An dofir hu mer e Crédit d'impôt vu 96 Euro pro Joer agefouert, deen dann déi zegutt hunn, déi et am meeschte brauchen. De Statec huet ausgerechent, dass mat deem Crédit d'impôt vu 96 Euro, dass do dës Kompensationsmeasure fir déi Akommeschwaach d'Erhéijung praktesch kompenséiert.

D'Taxe d'abonnement gëtt vill begréisst, vun der Chambre de Commerce ënner anerem. Mee d'Chambre des Fonctionnaires fäert de Greenwashing. Och dat läit mer ganz no um Häerz, dofir wëll ech zwee Wieder doriwwer soen. Et ass en fait exactement de Contraire, deen hei geschitt! Mir ginn eis hei déi europäesch Norme vun der Taxonomie a mir soen: Een, deen an déi Aktivaen investéiert an dat dokumentéiert, ka méi e bëllegeren Taux kréien. Doduerch, dass een et muss dokumentieren, beweist ee jo grad, dass ee verschidden Aktivaen, dass een déi an nohalteg Investitiounen gestach huet. En fait ass dat heiten eng Aart a Weis, fir méi Transparenz an de Fongen ze kréien, fir méi ze wëssen, wouran investéiert ginn ass - an also genau de Contraire: Et ass net, dass dat heite Greenwashing mécht. Dat heite mécht „Greenpromotion“.

D'Kompetitivitéit, véierte Punkt, do sinn eng Rëtsch Saachen dran: Stockoptions, do freeë sech der eng Rëtsch - d'Chambre des Salariés an d'Chambre des Fonctionnaires -, dass dat endlech ofgeschaaft ginn ass. Dat ass gutt esou. Ech freeë mech och, dass mer dat fäerdegbruecht hunn, well dat ass e leedege Sujet, deen ech elo jorelaang hu misse matmaachen, a mir hunn elo Léisunge fonnt, fir dat méi intelligent ze maachen a méi gerecht a fir dat och am Gesetz ze verankeren. An do hu mer dann de Régime des impatriés, deen d'Chambre de Commerce ganz positiv beurteilt, obwuel se seet: Et ass innovativ, alles schéin a gutt, mee et hätt ee missen de französische System vun der Carte bleue méi imitéieren, well do géife méi Leit dovunner beneficiéieren, an et wär eng Schwächt vum System, dass een, jo, et wär eng Schwächt, dass en eeben esou limitéiert wär. Mee ech mengen, mir wäerten och do e Suivi maachen, wéi dee Regime gebraucht gëtt, well mir sinn eis, mengen ech, all eens, dass mer müssen Talenter op Lëtzebuerg unziehen.

D'Prime participative gëtt scho vun der Chambre de Commerce, Chambre des Métiers begréisst, mee si fannen, dass och do dee Produit ze limitéiert ass. Se kritisieren ënner anerem, dass ee muss e Benefiss maachen, fir kënnen d'Prime participative auszédinn, dass dat net gutt wär. Nu muss ech soen, ass d'Zil vun enger Entreprise jo normalerweis, e Benefiss ze maachen, a wa mer schonn als Staat gewëllt sinn, déi Prime-participative fiskalesch ze



favoriséieren - bis 25 % maximum iwwregens -, da wëlle mer dat awer net maache fir eng Firma, déi kee Benefiss mécht. Ech mengen, dass grad de Fait, dass nëmmen dee favorabele Regimm ka gebraucht ginn, wann ee Benefiss mécht, e groussen Ennerscheed och ass zum System vun de Stockoptions, wou där och oft ausgedeelt gi sinn a Gesellschaften, wou kee Benefiss war.

Ech kommen dann elo zu der Gesondheet vun de Staatsfinanzen.

D'Zentralbank an e puer anerer soen, dass ee misst den Defizit vun der Administration centrale erforschrauwen. Also, op Anhieb muss ech lech soen: Ech verstinn déi Kritik. Mir kréien dëst Joer en Defizit vu ronn 5 Milliarden, d'nächst Joer vun 2,7 Milliarden. Wa keen esou eppes geschriwwen hätt, dat wär och net verständlech. Mee wat hei wichteg ass, ass d'Zäitachs. Verschiddener schreiwen - wéi d'Chambre de Commerce -, et hätt ee missen an deene Jore virdu méi Reserven opbauen. An dozou muss ech natierlech awer hei e bësse Geschicht maachen, well et ass schéin a gutt, an d'Landshaft ze schreiwen, et misst ee méi Reserve maachen, mee et muss een emol kucken, vu wou een hierkënn.

2013, wéi ech ugefaangen hunn am Dezember als Finanzminister, sot et lech, hunn ech keen Apel fir den Duuscht fonnt. Ech hunn och gutt gesicht, mee jiddweree wousst, dass keen do war. Mir hate risquéiert, 2012 och den Triple-A-Status vun de Ratingagencen ewechgehol. ze kréien. Déi hate gesot, eis Perspektive wäeren negativ. 2013 ass dunn déi deemoleg Regierung dräimol op d'Marché gaangen, fir ze léinen. 2013 war den Defizit vum Zentralstaat 585 Milliounen. Also, Reserve gesinn anescht aus!

■ **Une voix.** - Et war jo awer eng Kris 2008!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - 2013 hate mer nach d'Chance, dass mer de Commerce électronique haten, deen 2014 nach eng Milliard uitgemaach huet. Haut ass de Commerce électronique, dee vun deenen anere Länner kënnt, gläich null.

Dat heescht, wéi mer 2013 ugefaangen hunn, hu mer missen en Defizit vu 585 Milliounen verschaffen a mir woussten, dass mer iwwert d'Joren eng Milliard géife verléieren. Da fannen ech, dass mer gutt geschafft hunn, well mir hunn 2015 den Defizit halbéiert a mir haten 2018 en Excedent vu 528 Milliounen - ech schwätzen ëmmer vum Zentralstaat - an 2019 vu 60 Milliounen. Dat heescht, jo, mir hunn d'Staatsfinanzen erëm equilibriert.

D'Administration publique, wëll ech ënnersträichen, war 2013 nach positiv dank dem Excedent vun der Sécurité sociale an der Héicht vun 292 Milliounen. Mir wëssen, dass dat jo och net d'Sue vum Staat sinn, dat sinn d'Sue vun de Cotisanten alleguerten, mee mir ware wéinstens do positiv. Mee do ware mer 2019 op 1,540 Milliarden. Also mir hunn, mengen ech, an deene fënnf Joer gutt geschafft. Mir hunn e Fonds souverain geschaaft, eng Spuerkëscht fir déi nächst Generationen, déi mer alljorens alimentéiert hunn, wou elo ronn 400 Milliounen dra sinn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - 400 Milliounen, wéi gesot, mat engem Excedent vum Budget nach d'lescht Joer.

An am Fonds de compensation sinn elo ronn 23 Milliarden dran. Also dat gläicht enger gudder Gestiou, géif ech soen. Mir haten am Ufank vum Joer 3 Milliarden Euro an der Keess, an der Tresorerie, hunn haut ongeféier 2 Milliarden. Mee d'Zentralbank, d'Lëtzebuerger Zentralbank, huet nawell Recht, wa se seet, dass dat hir Suerge mécht. Also dat kënne mer net schérieden, déi Zuel vun 2,7 Milliarden d'nächst Joer. Si huet also a mengen Ae mëttelfristeg Recht. Mir mussen - a mir wäerten dat och maachen - verantwortlech déi nächst Jore mat de Suen ëmgoen an deen Defizit lues a lues erforschrauwen. A wann Der de Pluriannuel kuckt, gesitt Der, dass dat jo och de Fall ass. Ob elo dee Rhythmus seier genuch ass, dat steet, mengen ech, an de Stären, well dat hänkt natierlech vun der Croissance of am Joer 2021 an an de follgende Joren.

Ech wëll lech elo net ... Ech hunn dat hei, Dir kënnt dat noliesen: D'Kommissioun huet eis fir eis Politic vun 2020 gelueft a si seet, dass mer dat Richtegt maachen, dass mer och an deene Jore virdrun en fait alles agehalen hunn. Ech erspueren lech déi Kommentaren, dat ass alles nozeliesen.

Am Kloertext: D'Ausgangsposition virun der Kris war fir onst Land eng gutt. An et ass elo, elo an dësem Moment, net dee richtege Moment, fir unzefänken, Spuermesuren ze huelen. Dat wär Géift fir d'Wirtschaft. An et ass och net de Moment, fir d'Investissementer erfrozeschrauwen.

(Interruption)

Ech kommen elo op den drëtten Deel: d'Zuele vum Budget. D'Zuele vum Budget sinn dëst Joer an där heiter Ried particulièrement wichteg, well jo Amendementer gemaach gi sinn. An deene meeschten anere Jore sinn déi Zuele bekannt, well ech se jo

schonn am Oktober presentéiert hunn. Fir dëst Joer hu mer jo déi zéng Mesuren, déi ech virdu virgestallt kritt hunn.

Wa mer dann elo um europäesche Plang kucken, an dem Système de comptabilité européenne kaschten déi Mesuren, déi ech virdu genannt hunn, 191 Milliounen Euro. Ech rappeléieren: Dat sinn ongeféier 16,5 Milliounen fir den Impfstoff, 45 Milliounen fir d'Aidé fir d'Entreprises, 120 Milliounen fir de Fonds de relance an och 10 Milliounen fir de Fonds d'innovation. Viraussichtlech wäert dofir dee Solde (ndlr: den Defizit vun der Administration centrale) fir d'nächst Joer vun 2,5 Milliarden Euro op 2,7 Milliarden Euroerogoen. Dir hutt en Diagramm op Ärem Dësch, deen dat ganz gutt weist. Dir gesitt och - et gesäit een och -, dass den Defizit déi famous Courbe en V mécht, well mer tëschent 2020 an 2021 den Defizit bal halbéieren. Domadder gëtt dann den Defizit, wéi gesot, 2,7 Milliarden.

Deementspriedend gëtt natierlech och de Solde vun der Administration publique, wou dann och d'Sécurité sociale derbäi ass an d'Gemeinen, impaktéiert. An dee geet dann erof, vun 1,7 Milliarden op 1,9 Milliarden Defizit, an dat entsprécht, déi 1,9 Milliarden, engem Defizit vun 3 % vum PIB. An 3 % vum PIB, dat seet lech warscheinlech eppes, dat ass de Seuil maximum, deen erlaabt ass an der EU am Pacte de stabilité et de croissance. An de Rapporteur huet dat och gëschter richtegerweis ënnerstrach.

Wann ech elo op d'Kontabilitéitsgesetz eriwerginn, do ass den Impakt nëmmen 102 Milliounen, well an der Kontabilitéit 1999 d'Dotatioun gekuckt ginn, anescht wéi bei den Europareegelen, wou den Engagement vun den Depensé gekuckt gëtt. D'Depensé wäerten also klamme vun 19,2 Milliarden op 19,3 an dat sinn 3,1 % Depensé méi wéi am Joer 2020 (veuillez lire: dat si ronn 3,1 % Depensé méi wéi am votéierte Budget 2020). Den Defizit vum Staatsbudget an der Lëtzebuerger Kontabilitéit geet also erop vun 2 Milliarden 360 Milliounen op 2 Milliarden 460 Milliounen.

Ech kommen dann elo bei d'Schlussfolgerung.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegen aus der Regierung, déi Crise pandémique, déi trifft all Land, an déi ekonomesch Konsequenzen dovunner treffen och all Land. Et gëtt keng magesch Reegelen. Et gëtt och an all Land immens vill diskutéiert, wéi een de richtigen Equilibre fënnt tëschent Gesondheet förderen, d'Leit protégéieren, Libertéiten aschränken an den Entreprene hëllefen. Do gëtt et keng magesch Formel, mee trotzdem ass e Verglach um europäeschen Niveau interessant, an dat wäert ech dann op dräi Sujete maachen zur Konkusioun.

Fir d'éischt emol d'Staatsschuld. 2021 wäert d'Staatsschuld 18,9 Milliarden duerstellen. Dat sinn 29,4 % vum PIB. Mir sti mat där Staatsschuld do un zweeter Plaz an Europa. Nëmme ee Land huet manner Scholde wéi mir, dat ass Estland. Déi haten nach virun der Kris eng Schuld am eestellige Bërich (ndlr: eestelleg prozentual zum PIB gekuckt) an déi kommen elo 2021 op 23,6 %.

Wa mer, an dat gesitt Der och op engem Tablo - wéi gesäit et dann aus bei eisen Nopeschlänner? Do kann een da gesinn, dass mer mat eiser Dette, bon, déi Zweetbescht sinn. Mee wat ass dann elo d'Erhéijung vun der Dette gewiescht? Wivill Dette ass da vu virun der Kris bis 2021 wierklech virgesinn? Ech muss do „virgesinn“ soen, well fir genau 2021 sinn et natierlech nëmmen Hypotheesen.

Zu Lëtzebuerg ass d'Progressioun vun der Dette tëschent 2019 an 2021 7,4 Prozentpunkten. Dat ass déi niddregst Augmentatioun a ganz Europa, an der ganzer Eurozon, prezis. D'Augmentatioun a Frankräich sinn 18,1 Prozentpunkten, d'Augmentatioun an der Belsch 15,5, d'Augmentatioun an Däitschland - wat jo och en Triple-A-Land ass wéi mir - 10,7. Ech rappeléieren: Mir si bei 7,4. A Spuenie läit se bei 21,9 Prozentpunkten. Dir gesitt also, dass mer eis effektiv vill méi verschëlt hunn, mee am europäesche Verglach déi sinn, déi sech am mannste méi verschëlt hunn.

Da kommen ech elo op d'Mesuren, fir der Ekonomie ze hëllefen. Och hei hu mer e klengen Tablo gemaach. Mir hunn dat natierlech gemaach fir d'Entreprises a fir d'Leit. Ech muss soen, ech hunn déi Distinction net gär, wa gesot gëtt: „Et muss och eppes fir d'Entrepris gemaach ginn“, a virdrun ass eppes fir d'Leit gemaach ginn. Mee wann een eppes fir d'Entrepris mécht, mécht een och eppes fir d'Leit, fir d'Salariéen, déi dann an den Entrepris schaffen.

An och do schneit Lëtzebuerg natierlech gutt of. An Däitschland sinn déi Mesuren esou, dass de Käschepunkt 4,7 % vum Räichtum ausmécht, a Frankräich 2,9 %, an der Belsch 3,9 %, zu Lëtzebuerg 5,1 %. Och do si mer mat déi Éischt. Pro Kapp be- deit dat fir Lëtzebuerg 4.928 Euro, fir d'Belsch 1.497, fir Frankräich 977, fir Däitschland 1.888 - ech widerhuelen: fir Lëtzebuerg 4.928.

D'Kommissioun huet an hiren Avisen, déi se d'lescht Woch gemaach huet an déi mer och haut de Mëtten

an engem Eurogroup diskutéieren, verschidde Kommentare gemaach. Ech wollt lech och Merci soen, Här President, an och deenen, déi dozou bäigedroen hunn, dass mer de Mëtten eréischt um dräi Auer kënnen ufänken, soudass ech kann en Deel vum Eurogroup derbäi sinn.

An d'Kommissioun huet d'Länner an dräi Kategorien agedee, eng dovun mat deene Länner, déi déi richteg an néideg Mesur geholl hunn an déi cibléiert gemaach hunn an an der Zäit begrenzt. An déi Kategorie gehéiert Lëtzebuerg. An da gëtt et eng zweet Kategorie, wou d'Kommissioun seet, dass d'Länner zwar gutt reagéiert hunn, mee dass se net genuch zäitlech begrenzt Mesur geholl hunn. An da gëtt et eng Kategorie vu Länner, wou d'Kommissioun seet: „Dir hutt ze vill Schold, Dir musst ganz gutt oppassen, well mat all deene Mesuren, déi Der huet, riskéiert Der, Är Staatsfinanzen nohalteg net méi kredibel kënnen ze gestalten.“

Wann ech elo de leschte Punkt huelen: Chômage. De Chômage ass 2020 vu 5,6 % op 6,6 % erogaangen. Dat ass keng gutt Noriicht. Mee wa mer net all déi Mesur geholl hätten, hat de Statec ausge-rechent, hätt e sech verduebelt.

An der Eurozon läit de Chômage fir 2019 op 7,5 %, dëst Joer op 8,3 % a fir d'nächst Joer op 9,4 %. Zu Lëtzebuerg ass virgesinn, dass en d'nächst Joer soll op 7,1 % goen. Dir gesitt, mir sinn och am europäesche Verglach do gutt.

Zum Ofschloss, Här President, léif Kollegen aus der Regierung an Dir Dammen an Hären Deputéierten, mir hunn also eng gutt Ausgangsbasis gehat vun de Staatsfinanzen, mir hunn eng Politik, déi elo ausgerichtet ass, fir d'Wirtschaft ze ënnerstëtzen, fir d'Investissementer ze förderen. Well dat, wat mer am meeschte brauchen, ass eng gutt qualitativ Relance, déi op déi zwou Transitionen opbaut, déi d'Europäesch Kommissioun och staark ënnerstëtzt: Dat sinn Investissementer fir den Environnement an de Klima op där enger Säit an d'Digitalisation.

De Vaccin stëmmt mech optimistes. Mir gesinn d'Liicht um Enn vum Tunnel. Mir mussen awer elo nach duerch deen Tunnel kommen. A mir wäerten nach eng ganz laang Zäit mat den Ausleefer vun dëser Pandemie misse liewen. Dofir muss mer och weider virsichteg sinn. An ech kann lech versprechen, dass ech alles wäert maachen, fir derfir ze suergen, dass eis Staatsfinanze stabel bleiwen, esou wéi se et nach ëmmer waren.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Här Finanzminister Pierre Gramegna.

4. 7666 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2021 [...]

7667 - Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2020-2024 (suite)

D'Chamber fänkt elo u mat den Debatten iwwert de Staatsbudget 2021 an iwwert d'Programmation financière pluriannuelle. D'Riedezäit ass nom Modell 6 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Martine Hansen, den Här Gilles Baum, den Här Georges Engel, d'Madamm Jorsée Lorsché, den Här Fernand Kartheiser, den Här David Wagner, den Här Sven Clement, den Här Gilles Roth, den Här André Bauler, den Här Michel Wolter an den Här Gusty Graas.

An als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Martine Hansen agedroen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **Mme Martine Hansen (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, „Vertrauen ass den Ufank vun allem“. Ech weess net, ob Der lech nach kënnt dorun erënneren, déi méi Jonk bestëmmt net, mee dat war an den 90er-Joren eng Reklamm um Fernsee mat engem ganz emotionale Spot, mat klenge Puppelcher, mat Kanner, déi engem d'Hand ginn hunn, mat enger Hochzäit, vun enger grousser däitscher Bank. Ech mengen, d'Bank kann eis elo hei egal sinn, mee de Message ass awer dee richtegen: Vertrauen ass definitiv den Ufank vun allem! D'Vertraue misst och d'Basis si fir en Neistart an och fir e Wee aus der Kris eraus. Et ass am Prinzip eis wichtigst politesch Währung, déi mer hunn.

An ech soen et direkt: Vertraue misst een och an de Budget hunn an dëst Vertrauen an dëse Budget fan- nen ech op jidde Fall net. D'Vertrauen an d'Zukunft fannen ech net an dësem Budget. Et ass fir eis éischter en Iwwerangsbudget wéi e Gestaltungs- budget fir d'Zukunft. A genau dat hätten awer d'Leit an och d'Betriber gebraucht.

Här President, ech hu gesot, mir hu schonn déi lescht Deeg vill geschwat vun der Kris. Mir sinn an enger Kris - an 2020 war definitiv e Krisejor. Dat

ass dat mannst, wat ee ka soen! Ech schwätzen elo net dat aus, wat vläicht vill Leit denken, mee et war e richteg schlecht Joer.

Fir vill Leit war et ganz perséinlech an och emotional e schlecht Joer. An ech wëll och do direkt un déi Leit denken, déi e léiwe Mënsch verluer hunn. D'Unzuel vun den Doudesfäll steigt dramatesch, och d'Unzuel vun de Schwéierkranke steigt. Mir hunn och vill Kranker, déi am Laf vum Joer vläicht net Covid haten, mee déi soss ënnert der Covidkris hu misse leiden. Mir hu vill Leit, eeler Leit, a mir hunn de Moien - de Marc Spautz hat nach eng Question urgente - nach doriwwer geschwat, wéi eeler Leit oder Leit mat enger Behënnerung, Leit a Strukturen vill eleng hu missen dëst Joer sinn. Mir haten u sech am Fréijoer gesot, dat dierft net méi virkommen. Mir hunn et awer elo erëm, an elo grad viru Chrëschttag ass dat definitiv ..., deet dat richteg wéi.

Ben, déi lescht Woch war ech gefrot gi vun engem Journalist vun enger gréisserer Wochenzäitschrëft - an ech denken, dass ech net nëmmen eleng gefrot gi sinn, mee warscheinlech nach eng Partie vun lech hei -, wat mer eis géifen als Titel vun der Zeitung fir d'nächst Joer wënschen. Dunn hunn ech gesot: „Ëmärmelen erëm erlaabt!“ Well ech mengen awer wierklech, datt et dat ass, wat eis feelt! De Mënsch ass sozial, e soziaalt Wiesen, an et feelt eis einfach - och wann dat elo net direkt eppes mam Budget ze dinne huet. Mee ech soen lech, wann dat erëm erlaabt wär, da géif et warscheinlech och dem Budget erëm besser goen.

Et war och e richteg schlecht Joer fir vill Leit, well se einfach en Deel vun hirer Pai net méi kritt hunn. Dat kann och Dréngeld gewiescht sinn, wéi zum Beispill am Horeca-Secteur, well do mécht d'Dréngeld vill aus. Vill Leit hu ganz einfach manner an der Täsch gehat wéi déi Jore virdrun. Et sinn och vill Leit, déi hu missen Hëllef siche goen, déi nach ni Hëllef siche gaange waren. Stéchwuert: nei Aarmut an nei Sozialfro.

Tëschent Februar a September sinn a ganz ville Secteure ganz vill Aarbechtsplaze verschwonnen. An do hänken iwwerall eenzel Schicksaler hannendrun! Dat sinn net plakeg Zuelen! Do hänken eenzel Schicksaler hannendrun, dat virun allem och am Horeca-Bërich, dat awer och am Transport, am Evenementiel.

De Chômage-Taux, den Här Minister huet et gesot, deen ass natierlech gestigen am Verglach zum leschte Joer. A wa mer op 7 % kommen, dann ass dat fir Lëtzebuerg schonns relativ vill! An ech denken hei un den Aarbechtsplazenofbau bei der Luxair, bei Arcelor, beim „Wort“. Awer och fir vill méi kleng Betriber, wou d'Nimm u sech net esou bekannt sinn, war et e richtig schlecht Joer. D'Patronen, d'Independanten haten Existenzängscht a si hunn der och nach.

An, Här President, nieft där sanitärer Kris ass et, wéi ech elo grad beschriwwen hunn, definitiv eng Wirtschafts- an eng Sozialkris ginn. An duerfir ass et wierklech extrem traureg och elo an der Chrëschtagszäit; wa mer elo géifen erauskucken, da géife mer dobaussen nach eng Chrëschtagsbeleuchtung gesinn, mee bei ville Betriber ginn definitiv d'Luuchten aus an déi gi vläicht net méi un d'nächst Joer.

An aus all dëse Grënn wär et extrem, extrem wichteg gewiescht, datt d'Regierung de Leit an och de Betriber richteg Zukunftsperspektiven opgewisen hätt. An da sinn ech erëm eng kéier bei mengem Stéchwuert, mat deem ech ugefaangen hunn: „Vertrauen“. A Vertrauen hänkt och an deem Fall mat der Verantwortung zesummen.

D'Regierung muss fir Previsibilitéit suergen. Mir brauchen eng laangfristeg Covidstrategie. Déi hu mer gëschter gefrot. Ma eis Motioun ass ugeholl ginn, da kréie mer déi jo geschwënn eng kéier presentéiert. Mee doriwwer eraus brauche mer Perspektiven, fir all déi aner tatsächlech Problemer vun Land a vun de Leit unzepaken.

Den Här Finanzminister huet och Ziler genannt. En huet se de Moien nach eng kéier benannt. Déi Ziler sinn och déi richteg! Mee de Wee dohinner, deen ass definitiv nach net erkennbar. A wann ech dat bildlech géif soen: Deen ass nach net „geteert“. An ouni ... Et gëtt jo dat chineesescht Spréchwuert „De Wee ass d'Zil“, mee ech mengen, esou wäit soll een net goen. Mee ouni Wee kënnt een net bei d'Zil.

Ech wëll d'Ziler awer nach eng kéier séier opzielen.

Den Här Gramegna sot Jo zur Solidaritéit. Mir soen och Jo zur Solidaritéit, mee leider ass et ganz dacks eng Solidaritéit um Pabeier, well d'Schéier tëschent Aarm a Räich, déi geet lafend ausermeen.

Den Här Gramegna seet och Jo zum Logementszil. Ben, och mir soe Jo zum Logementszil. An de Marc Lies huet schonn 13 Mesuren an engem Package virgestallt, fir de Logement unzepaken. Mee wat geschitt um Terrain? D'Präisser explodéieren! Mir hunn och nach kee Fortgang an der Landesplanung.

Den Här Gramegna seet och Jo zur Nohaltegkeet. Ech hat dat bei der Ried zur Lag vun der Natioun u